N°531
Entrée le 25.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Persounen, déi Photovoltaiksanlagen op hiert Haus installéieren, kënnen zënter enger Rei Joren eng Subventioun fir d'Installatioun ufroen ("Klimabonus"). Déi Primm gëtt ausbezuelt, nodeems d'PV-Anlag installéiert gouf.

Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 6969 goung ervir, dass d'Délaien am Joer 2022 fir d'Ausbezuelen vun de Primmen immens laang waren, am Duerchschnëtt 182 Deeg. Mëtt 2022 war deemno nach keng eenzeg Primm vum lafende Joer ausbezuelt.

An der Äntwert op d'Fro 7163 gouf versprach, dass *"alles dru gesat [géif ginn] fir déi momentan Retarde beim Ausbezuele vun de Primme schnellstméiglech ze reduzéieren, sou dass déi Fro sech an Zukunft net méi stellt."* an, dass ee kompletten Dossier an engem Delai vu maximal 3 Méint misst traitéiert sinn.

Dës Weidere gouf ugekënnegt, dass *"d'Emweltverwaltung 10 weider Posten à durée déterminée zougesprach [kritt huet] fir d'Beaarbechtungszäiten ze reduzéieren a Stéit schnellstméiglech des finanziell Hëllefen zur Verfügung stellen ze kënnen".*

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir d'Subventioun vu Photovoltaiksanlagen goufen 2022 oder virdru gemaach a sinn nach net ofgeschloss?
   Wéi vill Demandë goufen 2023 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?
   Wéi vill Demandë goufen 2024 gemaach a sinn nach net ofgeschloss?

2. Wéi al ass déi eelsten Demande, déi agaangen ass an nach net ofgeschloss ass?

3. Wat ass d'Duerchschnëttswaardezäit fir d'Ausbezuelen vum Klimabonus fir PV-Anlagen am Joer 2022, am Joer 2023 an am Joer 2024 (Stand Mäerz)?

Mat déiwem Respekt,

| GOERGEN Marc | POLIDORI Ben |
| --- | --- |
| Deputéierten | Deputéierten |